



Mir si frou, lech kënnen eis Servicer unzebidden, dorënner natierlech d'Méiglechkeet, eis Bäitrag ze kommentéieren. Beim Kommentéiere biede mer lech:

- datt Dir lech op d'Thema bezitt,
- datt Dir Är eege Meenung mat Argumenter hannerleet
- an datt Dir lech verständlech ausdréckt.

Doriwwer eraus ass et eis wichteg, datt de Respekt an der Diskussioun op éischter Plaz steet. Dowéinst bedenkt:



## Hannert all Bildschirm sëtzt e Mënsch ("Think before you post")

- Bleift fair a sachlech an denkt drun, datt d'Kommunikatioun op dëser Säit ëffentlech ass.
- Respektéiert w.e.g. aner Notzer\_Innen an hir Meenungen.
- Schreift net mat Roserei am Bauch

## Den Internet ass kee rechtsfräie Raum

Och an de soziale Medie gëllen national an international Gesetzer a Reegelen. Als Notzer vun der Kommentarfunktioun drot Dir och Är Responsabilitéit.

Dowéinst si verschidden Typen vu Kommentaren net akzeptabel:

- Illegal Inhalter wéi rassistesch, diskriminéierend, sexistesch, pornografesch oder gewaltverherrlichend Bäitrag, wéi z.B. Opruff zum Haass oder zur Gewalt a Beleidegungen;
- Onubruecht Inhalter wéi anzüglech oder perséinlech Ugrëff;
- Spam, Kontaktannoncen, Reklammen, aner kommerziell Inhalter oder falsch Informatiounen.



Wann dës Reegelen net agehale ginn, behale mir eis d'Recht vir:

- déi verantwortlech Persounen ze warnen, fir sou Kommentaren ze ënnerloossen;
- Bäitrag net ze verëffentlechen, ze editéieren, ze verstopen oder ze läschen;
- déi verantwortlech Persoun vun eiser Säit ze spären
- oder all aner ubruecht, och juristesche Moosnam ze ergräifen.

Op Ufro informéiere mer lech als Notzer gären iwwert de Grond, deen zu enger vun dëser Mesurë gefouert huet. Als Notzer vun dëser Säit erkläert Dir lech mat dësen Richtlinnen a Benotzerreegelen averstanen. Bei Froen a Bemierkunge kënt Dir eis gäre kontaktéieren.

Dës Netiquette gouf mat BEE SECURE a mam Presserot ausgeschafft (Stand Juli 2017).